N°1752
Entrée le 10.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung op d'parlamentaresch Fro n°1752 vum 9. Januar 2025 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend de « Plafonnement des loyers ».**

1. **Wäert dës Regierung betreffend dem aktuellen Mietdeckel an dëser Legislaturperiod eng Ännerung virhuelen oder bleift alles esou, wéi et aktuell am Mietgesetz ass?**

Wéi schonn an der Chamberskommissioun diskutéiert gouf, plangt d'Regierung Ännerungen zum aktuelle Mietdeckel, déi an dëser Legislaturperiod sollen deposéiert ginn.

2. **Wëll d'Regierung de Mietdeckel ganz ofschafen?**

Nee, et ass net geplangt de Mietdeckel ganz ofzeschafen.

3. **Wéi laang wëll de Minister maximal op Donnéeën vum LISER waarden, bis hien eng Entscheedung zum Mietdeckel hellt?**

Eng Reform vum Mietdeckel hänkt nëmmen zum Deel vun Donnéeë vum LISER of, mee muss eng Rei aner Aspekter vum Wunnengsmaart berücksichtegen. De Minister hëlt seng Decisioun da wann dës Aspekter all um Dësch leien.

Lëtzebuerg, den 10. Februar 2025
De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch